



Eis Sprooch an der Schoul

Fir d'alleréischt muss fir d'Lëtzebuergesch an der Schoul dru geduecht ginn, datt et **net, wéi Franséisch oder Däitsch an Englesch eng FRIEMSPROOCH** ass. Fir déi muss e Fong vu Vokabelen, d'Verben an d'Grammatik opgeschafft ginn; deemno misst d'Fach LËTZEBUGESCH an der Schoul och pädagogesch vun enger anerer Säit hier ugepaakt gi wéi eis 3 aner 'Schoulsproochen'.

D'éischt soll mam Liesen ugefaang an **eréischt no zwee oder dräi Joer d'Schreiweng eng Roll** spillen. Iwregens kréien déi – meescht normal Käppercher – iwver de ‚visuelle Verhalt‘ ewell eng ganz grouss Partie vun orthographeschen Elementer mat. Op d'mannst 2/3 bleiwen iwver dës Fassong ‚hänken‘; iwverleet dach emol gutt, wéi et äis an dësem Streech mam Englesche geet, wou déi onméiglechst ‚Schreifknätzelen‘ doruechter geeschteren an hänke bleiwen...obschonns de G.B.Shaw klipp a kloer gesot huet, hir Schreifweis wier déi dommst vun der Welt.

Mir hunn haut eng Hellewull Bichelcher a Bicher fir jidfer Alter, sou datt d'Liesen och direkt net zevill Problemer mécht, a mat hinnen d'Schwätz och ka behandelt ginn. Et wier net vu Mutterwéll, wann d'Commissioun vum Lëtzebuergesch an der Schoul **eng grouss Lëscht vu Bicher an eiser Sprooch giff zesummestellen**, an déi dem ‚Niveau‘ no opdeelen. Et kann een z.B. Fabele vum 6. Schouljoer un um Léierplang gesin; de Reenert geet ower wéinst sengem gesellschaftlechen, philosopheschen an historeschen Hannergrond wäit iwver Grondschoulverständnes eraus; deen huet seng Plaz am Lycée; do héchsdens vu 5e un.

Duerno kënnst da vum 3. Schouljoer un dat Schrëftlecht drun... hei fällt dann d'Lëtzebuergesch tëscht dat Däitsch an d'Franséisch...eng Situatioun, déi eenzegarteg an Europa, wann net esouguer op der ganzer Welt ass! **Déi graffste Beispiller vu Lëtzebuergesch als schlecht iwversatem Däitsch hätten och bei eiser Sprooch als Schoulfach hir Plaz.**

Da stellt sech eng Fro, iwver déi mir Psycho-Pädagogen an net ‚Lexikologen‘ iwverleeën an entscheede loosse sollen: **Wéi schreiw mir Wierder, déi aus enger anerer Sprooch/Orthographie kommen an am Lëtzebuergesch bis op d'Betounung och exakt wéi an deem Idiom ausgeschwat ginn?** Huelt emol *Wahlen/-Trottoir/Pneu/Boulette-Goodbye/-Spaghetti-Bacalhau(Cabillaud)?* Soll dat dann elo *Walen-Trottuar/Pnö/Bullett-Guttbei-Schbagetti, Backalau(Kabio)* ginn? ... Dat mécht Gewulls am Kapp; et gëtt Fehler an den anere Sproochen; en **onnéidege Chaos(Kaos?)** beim Schreiw léieren, well déi Sprooch jo och an eiser Schoulpraxis eng Roll spillen. Kréien se der Aussprooch no en **typesch lëtzebuergesch ‚Gesicht‘, da sollen se och deemno geschriwwen ginn.**

Mir wësse jo bal all perséinlech, datt kleng Spréchercher a butzeg Gedichtercher och ganz gutt an eise fréie Joeren ukommen...dacks dat ganz Liewe laang behale ginn; firwat dann net domat ufänken?

En Ausdrock um ‚Verblatzen‘

Op englesch gëtt et ‚smoked Ham‘; am Franséische ‚jambon fumé‘, an am Däitsche ‚geräucherter Schinken‘. Gelungenerweis hale mir äis wéi d'Anglophonen un d'Ham...ower fir dat ganz ‚Gedämps‘ huet eis Sprooch **en absolutt eegenen Ausdrock: reezen!** Datselwecht gëllt natierlech fir aner genésseg Saachen, déi am Damp vu Seemill (dacks aus speziellem Gehëlz) dee lichter bëssege Goût kréien, dee vill Leit esou geschméicheg (net ‚lecker‘) fannen; dee flotten Ausdrock hunn ech iwregens vun eiser beschter Schreiwesch Jeanine Theis-Kauth. Wirschtercher, Mettwurscht a Lyoner passéieren och beim Metzler am *Reezhäischen*. **Wier et dann do net schued, wa mir dat ‚Reezen‘ um ‚Altor‘ vum ARD, ZDF, RTL giffen afferen?**

Gelungen

- * Wann et ëm *Deeler vum Kierper* geet, läit eis Sprooch zimlech komplett op deer germanescher Säit; dat heescht ower nun emol net einfach déi däitsch, well am Engleschen ass et zum groussen Deel dselwecht: *ear, eye, nose, tongue, tooth, foot, knee, heart, nail, finger, liver*...an déi Ausdréck sinn dann erëm wäit vum Franséischen ewech, dat sech éischer un dat Romanescht hält. Deen Ëmstand ass natierlech eng **ganz interessant Lektioun am Lëtzebuergesch-Cours** wert.
- * Mir dierfen äis och vlächt emol froen, firwat een engem **op Lëtzebuergesch eng Bees** gëtt, e Kuss ower och gëllt; op jidfer Fall ass et en interessant Beispill, fir ze weisen, wéi eis Sprooch ‚tëscht zwee läit‘.
- * Eis Sprooch esou aarm? Dann **iwversetzt emol** an aner Sproochen sech tommelen, fläissen, hounen...dat gëtt Krämpes a gläicht eisen Ausdréck guer net.
- * Kuckt emol, wat dir an anere Sproochen als ‚Guet‘ fir e *Krappert, eng krappeg Zatz, e Krappschass fannt*...a firwat mir net (wéi an engem Zeitungsartikel) op een ‚ustoussen‘, mä ‚prosten‘, oder einfach d'Glas hiewen.

vum Lex Roth



E Lëtzebuergesch Sproochatlas

Wien Alain Atten seet, dee kënn net laanscht eis Sprooch an enger ganzer Rëtsch vu Facetten. Hien huet sech säi Liewe laang wëssenschaftlech ëm eisen Idiom bekëmmert an ass ‚bei de Leit‘ zënter 1984 vrun allem duerch seng Emissiounen iwver d'Lëtzebuergesch um Radio bekannt.

Den Här Atten huet sech ewell zënter laang och mat de regionalen a lokale Verschiddenheete/Variante vun eiser Sprooch ofginn. Seng ganz Aarbecht an dësem Streech kënn dann elo och an engem ‚Drulles‘ vun honnerte Säiten eraus, an dat gëtt, mat Recht!, dëse Mount gefeiert. Mir vun der Actioun-Lëtzebuergesch felicitéieren dem Wëssenschaftler Atten och als engem vun de Laureate vun eiser Sëlwerplack ‚Dicks-Rodange-Lentz‘!

Majo dann!

Zu Knokke huet e Lëtzebuergesch äre Sproochmates erkannt a **gefrot, wéi een dann an eiser Sprooch giff fir eng DÛN soen**. Ech hu geäntwert, da soll hien dat emol an anere Sproochen wéi am Däitsche kucken; an heielei, kuckelei: deen ass zesoen an all eise Sproochen rondrëm bis op dës oder déi Aussprooch deeselwechten, am Italieneschen, dem Griecheschen, an – haalt iech un – och op russesch an deenen anere slavesche Sproochen!

Hei hu mir jo da mat engem gudden Beispill fir dat ze din, wat d'Wëssenschaft *Indogermanesch* nennt. Doriwwer muss een net vill oder souguer näischt fir den ‚Hausgebrauch‘ wëssen; intressant ass et ganz bestëmmt.

Eis Gëlle Fra

Dëser Deeg si mir an der Press un sou munneches iwver dat bekannt Monument vum Land gewuer ginn. Si ass souzesoen e **Symbolstéck vun eiser Identitéit** ginn, nodeem d'Nazien dee schéinen Obelisk mat der vergulter Statu e puer Méint no hirem ‚Befreiungseinmarsch‘ ëmgerappt hunn...iwregens en Zeechen, datt si – virun äis – déi symbolesch Bedeitung vum Monument erkannt haten!

Zënter datt mir dat schéint Monument 1985 erëm a senger Ur-Form opgebaut hunn, kann een och ënnen um Fouss eng kuerz Explikatioun a 4 Sproochen liesen, sou datt de Sënn vun dësem Konschtwierk och fir auslännesch Leit ze verstoen ass...dat natierlech och op Lëtzebuergesch...wat iwregens vun de Visiteuren zu intressante Froe féiert. **Et kann ee bal net verlaangen, datt eis jonk Generationen d'Ursach an déi historesch Tatsaachen iwver Monumenter wëssen**, déi laang vrun hinnen do waren; da sinn déi kleng Textercher jo op eng Manéier eng kleng pädagogesch Stäip fir hirt Wëssen iwver hir Heemecht. Mir hunn iwregens datselwecht beim Monument fir eis Groussherzogin Charlotte gemaach...esouguer géint de Widderstand vun net onbedeitende Leit! **Dat passt jo dann och bei all dat, wat elo iwver Verfassung a Gesetz festgemauert ginn ass.**



Foto: Tessa Hansen

d'ACTIOUN LËTZEBUGESCH strikt PARTEI-NEUTRAL!

Eis Statute soe klor an däitlech, datt eise Veräin fir eis Sprooch politesch absolut neutral ass; dat verhënnert net, datt och e Member vum Comité seng privat Biergerrechter behält. Ass deer ee politesch op enger Lëscht engagéiert, da muss hien sech 6 Méint virun de Wahlen zréckzéien.

Mir erënnere wéi sou dacks drun, datt mir de Parteien offeréiert hunn, ze hëllefen, wat eis Sprooch fir hir Publicitéit ugeet. Mir kënnen ower net dofir, wann déi eng oder aner Partei eis Sprooch méi erausträicht...

Mir waren, sinn a bleiwe politesch absolutt neutral.